ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 5985 vu mir an dem honorabelen Deputéierte Fred Keup schreift d'Madamm Minister, datt et am Extremfall bis zu 18. Méint dauere kann, bis een zu Lëtzebuerg e Rendezvous fir eng Mammographie kritt. Och op en dréngend benéidegten IRM musse Patienten oft laang waarden, wouduerch dem Dokter riskéieren, wichteg Informatioune fir d'Behandlung ze feelen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Fro stellen:

1) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert zu wéi vill Feelbehandlungen et wärend de Joren 2013 bis 2021 all Kéiers opgrond vu feelende Mammographien, IRMen a Scane koum a wéi vill Zousazkäschten der Gesondheetskeess doduerch all Joers entstane sinn? Falls d'Madamm Minister net iwwert déi entspriechend Zuele sollt verfügen, a wéi engem Delai gesäit si da fir, eng entspriechend Etude an Optrag ze ginn an der Chamber d'Resultater ze iwwermëttelen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten